Park Sënnesräich



# Musekswochen

Vu Méindes, den 11. November 2024
bis Freides, de 6. Dezember 2024
bitt de **Park Sënnesräich** vu Lëllgen
de Schoulklassen aus de Cyclen 2, 3 a 4
een 3-stonnelaangen Programm,
besteeënd aus 4 Atelieren
zum Theema **Musek** un.

# 4 Workshops




Beim Djembé Workshop kréien d'Kanner een Abléck an déi afrikanesch Musekswelt:
Ageleet gëtt de Workshop mat wëssenswäerten Informatiounen zu der afrikanescher Trommel.
Uschléissend kënnen d'Kanner déi hinne virgespillten Tounfollgen op hirem eegenen Djembé nospillen.




Bei ***Soundcolors*** handelt et sech ëm eng musikalesch an digital Installatioun mat 5 Statioune vun der ***Fondation EME***, déi temporär am Park Sënnesräich ausgestallt ass. D'Notzung vun deene Statiounen erfuerdert keng Kenntnisser: De Kanner hire Kierper gëtt nämlech zum Schöpfer a spillt Akkorden a Melodien ouni falsch Nouten.




An der Lëllger Kierch initiéiert een erfuerenen Organist d'Kanner an d'Welt vun der Uergel.
Änlech wéi beim Djembé Workshop kréien d'Kanner een theoreteschen Abléck an dat impressionnant Tasteninstrument, éier si selwer an d'Roll vum Organist schlüpfen.




D'Kanner héieren Téin vu verschiddenen Instrumenter.
Den Challenge bei dësem Workshop ass duebel:
Déi ofgespillten Téin den exposéierten Instrumenter, souwéi och hire jeeweilege Kategorien (Perkussioun / Blos- a Säiteninstrumenter, ...) zouuerdnen.



# Informatiounen

## Oflaf

| 09:15-09:30 | 09:30-12:40 | 12:40-13:30 | | 13:30-15:30 | |
|---|---|---|---|---|---|
| | | entweeder | oder | entweeder | oder |
| Arrivée an Accueil | **09:30-10:10**<br>Workshop 1 | Mëtteg-iessen vun an am Bistro Sënnes-räich | Eegene Picknick op der Picknick-plaz am Sënnes-gaart | Depart | Fräi Visitt vum Matmaach-Musée |
| | **10:20-11:00**<br>Workshop 2 | | | | |
| | **11:10-11:50**<br>Workshop 3 | | | | |
| | **12:00-12:40**<br>Workshop 4 | | | | |



## Präisser

| Museksformel | | Museksformel<br>+ fräi Visitt vum Matmaach-Musée | |
|---|---|---|---|
| Schüler | 17,50€ | Schüler | 23,50€ |
| Léierpersonal | 5,50€ | Léierpersonal | 11,50€ |




# Umeldung

Deelt eis weg follgend Informatioune bei Ärer Umeldung per E-Mail un **info@sennesraich.lu** mat:

- Wonschdatum (*Méindes, den 11. November 2024 bis Freides, de 6. Dezember 2024*)
- Numm vun der Schoul
- Unzuel vun de Schüler (max. 40 Kanner)
- Léierzyklus
- Unzuel vun de Begleetpersounen
- Kontaktpersoun
  - Numm a Virnumm
  - Telefonsnummer
  - E-Mail-Adress
- Formel
  - Museksformel
  - Museksformel + fräi Visitt vum Matmaach-Musée
- Bezuelmethod
  - Op der Plaz
  - Rechnung
    - Numm vun der Organisatioun, déi d'Rechnung geschéckt kritt
    - Adress vun der Organisatioun, déi d'Rechnung geschéckt kritt
    - Peppol-ID

Park
Sënnesräich




# Musek fir d'Oueren!